ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Gemeng Feelen an der Zone Verte, matten am Bësch, gëtt eng Bauschutt- a Buedemdeponie bedriwwen. („Auf Loderbusch") Den iwwer een Hektar grousse Site gehéiert zënter kuerzem der Gemeng Feelen. De 25.Mee 2022 gouf dem Här Buergermeeschter an enger Sitzung vum Gemengerot d'Fro gestallt ob eng Autorisatioun fir déi Deponie virläit. Dësen huet doropshin geäntwert datt hien just eng mëndlech Autorisatioun vun der Naturverwaltung hätt, weider huet de Buergermeeschter geäntwert datt hie soss keng Detailer zu der Deponie wëll ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Ass dem Ëmweltministère des Deponie am Bësch zu Nidderfeelen bekannt?
2. Ass et méiglech datt den Här Buergermeeschter vun der Gemeng Feelen, eng mëndlech Erlabnis vun der Naturverwaltung krut, fir déi besote Bauschutt- a Buedemdeponie ze bedreiwen?
3. Wa sech erausstelle sollt datt d'Deponie net uerdnungsgemäss bedriwwe gëtt, missten dann net déi zoustänneg Autoritéiten op d'Plaz kommen, fir alleguerten d'Aktivitéiten ze stoppen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten